Begréissen vun :

D'Gemengeconseilleren den Här Guy Foetz vun déi Lénk,

den Här François Benoy vun Déi Gréng,

den Här Paschtouer Romain Kroeger,

den Här Henri Oé Commissaire en Chef vun der Police vum Proximitéitskommissariat Gaasperech,

den Här André Polfer, President, den Här Jean-Marc Fisch, Sekretär a Mme Patty Willkomm vum Zéissenger Interesseveräin,

d'Vertrieder vun de Gaasperecher Veräiner : Harmonie Gasperich, de FC Tricolore, FC Tricolore Section de Marche, d'Amicale vun de Scouten, d'Oeuvres paroissiales, LGS Gaasperech, Chantres de Ste Thérèse, Société Chorale Fräiheet; d'Amiperas, d'Fraen a Mammen a Gaart an Heem.

Entschëllegt sinn:

Damme Claudine Konsbrück, Isabel Wiseler an d'Martine Mergen vun der CSV,

D'Häre Marc Angel an Armand Drews vun der LSAP,

De Joël Delvaux, vun Déi Lénk,

den Här Gilles Hermes, Präsident vun der Amicale vun de Gaasperecher Scouten

Villmools Merci, datt Dir haut den Owend bei eis komm sidd.

Dir Dammen an Dir Hären!

De Comité huet sech d'lescht Joer direkt no der Generalversammlung nei forméiert. Duerno si mir 6 mol am Comité zesumme komm.

Mir hate beim Schäfferot am September eng Entrevue fir iwwert déi verschidden Dossiere'en ze schwätzen. Mir waren am Service vun der Bautepolizei, fir déi verschidde Projete'en déi sollen an eise Quartier kommen, ze gesinn, notamment wéinst dem Ban de Gasperich an dem neie Projet rue Richard Wagner/rue Mozart. Mir waren an enger Reunioun beim Minister François Bausch.

Mir kruten Invitatioune vun der Gemeng fir op d'Receptioun vum Nationalfeierdag. Mir waren op den Informatiounsreunioune vun der Gemeng wou et ëm de neie Plan d'aménagement general (PAG) gaangen ass. Zesumme mat Leit aus dem Quartier hu mir un engem work-shop zu Zéisseng deelgeholl.

Mir si verschiddenen Invitatioune vun der asbl natur & ëmwelt gefollegt, wéi e.a. d'Aweiung vun der Annexe vum Haus vun der Natur. Mir haten eng Demande gemaach fir als Partner ugeholl ze ginn, an am Mäerz an der Generalversammlung zu Dikrech si mir dunn approuvéiert ginn. Natur & ëmwelt organiséiert e.a. d'Fest am Haus vun der Natur, den nationalen Dag vum Bam eng Campagne déi vum 1. Abrëll bis den 31. August leeft, en Dag an der Natur an de Laf fir d'Natur deen de 26. Abrëll statt fënd. Eis Motivatioun fir Partner ze sinn, bei natur & ëmwelt ass en Deel vun eise Statuten, dee seet dat mir eis engagéiere fir fir d'Liewensqualitéit an eisem Quartier ze suergen, wann de Ban de Gasperech kënnt da musse mir versiche fir dat dat ganzt esou mann wéi méiglech Afloss op d'Liewensqualitéit vun eisem Quartier kritt a wann dann iergendwann eng Kéier de schéine grousse Park kënnt ma da soll et e natierleche Park si mat enger biologescher

Villfalt a mat engem gudde Waassermanagement. Mir wëlle keen ugeluechte Park mat Beton, groe Steng a Kräsi well biologesch gesinn ass dat grad esou gutt wéi asphaltéiert Stroossen. Dat selwecht gëllt och fir d'Bebauung vum Ban de Gasperich, och do fuerdere mir, datt d'Promoteur'en bei den Alentoure'en ëmweltbewosst Projete'en maachen.

Vun dem Jugendhaus krute mir e.a. Invitatioune fir op d'Quartéiers'fest an op d'Tuningshow 2014.

Mir kruten eng Invitatioun vum CLAE fir op de Salon des Migrations an de Salon du Livre.

Mir waren op eng Ausstellung vun 100 Joer Croix Rouge invitéiert.

De 24. Februar 2014 war eng Reunioun vun den Delegéierte vun der Usill, dem Daachverband vun den Interesseveräiner vun der Stad Lëtzebuerg. Ech vertrieden den Interesseveräi Gaasperech am Conseil d'administration vun der Usill. An där Réunioun vum 24. Februar ass et drëm gaangen dat déi verschidden Interesseveräiner hir Ideen um Niveau vum Logement, den Infrastrukturen, den Zones d'activités'en, d'Mobilitéit an den Trafic sollten erabréngen. Vun deenen deemolegen 20 Veräiner waren der nëmmen 9 präsent. Och Gaasperech war net do vertruede well mir der Meenung waren dat all Quartier verschidden ass a seng éigen Identitéit huet.

Wat dobäi erauskënnt hu mir dunn missen erliewen : d'Usill war beim Minister Bausch an huet e Bréif un d'Gemeng geschéckt wou dann e.a. dra gestanen huet dat déi aktuell Projete'en am Süden an am Süd-Westen vun der Stad, Demande fir déi grouss Boulevard'en géif bestäerken. (Les actuels projets d'implantations au sud et sud-ouest de la ville, les discussions au sujet des réservoirs à hydrocarbures de Cessange-Merl accentuent la demande de construction de ces liaisons.)

An enger Comitéssëtzung wou de Bréif virgestallt ginn ass hunn ech intervenéiert a gesot dat wär am Contraire vun dem Interesseveräi Gaasperech sengen Ideen, ausserdeem wär et am Contraire vun de Statute vun der Usill déi soen dat d'Usill ka wann si e Mandat vun engem Syndikat kritt bei de Staatlechen oder Gemengen Autoritéiten intervenéieren, mee esou e Mandat haten si net vun eis an och an deem Rapport vun der Reunioun vum 24. Februar, dat iwwregens de leschten ass deen ech gesinn hunn, war näischt esou dran ze gesinn dat déi Demande vun engem anere Syndikat komm wär. Et ass och net esou wéi e Comitésmember gemengt huet et wär der Usill nach ëmmer fräi déi Reklamatioun unzehuelen, nee och eng Usill muss sech un hir Statuten halen.

De Bréif ass awer esou erausgeschéckt ginn ouni Rücksicht op eis Interventioun ze huelen. Iwwregens kënnt de Sekretär aus der Usill aus dem Märeler Syndikat.

Wéi mir der Usill bäigetruede si war e Critère dat mir am Ban de Gasperich Ënnerstëtzung kriten an déi Ënnerstëtzung krute mir vum deemolege President, dem Här Paul Reeff zougesprach.

Ech well just drun erënneren dat mir während e puer Joer e Prozess geféiert hunn deen eis 17.000.- € kascht huet fir genau dee Mega-Stroossebauprojet ze verhënneren, well mir hunn net géint en Centre d'Intervention oder eng Ecole française reklamméiert.

Kënnt nach dobäi dat d'Vizepresidentin vun der Usill, d'Presidentin vum Hollerecher Syndikat an d'Presse gaangen ass, nodeem d'Gemengenautoritéiten eng Visite am Quartier chaud op der Gare gemaach haten, fir do ze soen dat de Stroossestréch misst op d'Cloche d'Or kommen, also dat wat mir net hei wëllen drécke mir och net engem aneren zou.

An hirer Generalversammlung d'lescht Joer huet den Interesseveräin Neiduerf decidéiert aus der Usill auszetrieden.

Mir waren dunn den 03. Juni 2014 an der Generalversammlung vun der USILL.

Mir hunn kritiséiert dat d'Usill net transparent ass an sech a Kenger Hinsicht un d'Statuten hält, bis haut krute mir keng Rapport'en vum Comité directeur esou gutt wéi vum Conseil d'administration, de Comité-directeur stellt sech virun de Conseil d'administration dee jo Decisioune soll huelen, säit mindestens 10 Joer hunn se d'Changementer am Registre de Commerce nach net deposéiert, an der Zwëschenzäit huet de President, 2 Sekretären, 2 Caissièrë changéiert, et sinn Memberen ausgetrueden, also fonctionnéiert dat ganzt kann ee soen op illegaler Basis.

Jo mee och no eiser Interventioun an der Generalversammlung wou nët ganz vill Leit waren, ass näischt geschitt. Mir hunn dem Conseil d'administration keng Decharge ginn a mir hunn mat verschidden anerer d'Resolutioun an de Programme d'activités net ugeholl.

Op Grond vun all dëse Mëssstänn hunn mir am leschte Comité decidéiert aus der Usill auszetrieden et ass verlueren Zäit déi mir do investéieren an déi hu mir besser fir eise Quartier ze investéieren.

Mir ware an de Generalversammlunge vun den Zéissenger a Centser Interesseveräiner.

Dann krute mer am Laf vum Joer Invitatioune vu ville lokale Veräiner fir op hir Generalversammlungen an hir Manifestatiounen, wou mir och sou gutt ewéi méiglech vertruede waren.

Wéi déi Joere virdrun, hate mir den Dag vun der Commemoratioun nationale organiséiert. No der Mass ass beim Monument eng Gerbe vun de Veräiner néiergeluecht ginn. Fir d'musikalescht Encadrement huet ee jonken Trompettist an d'Chantres de Ste-Thérèse gesuergt. Vun hei aus e grousse Merci. Duerno war eng kleng Receptioun hei am Sall, wou den IVG den Éierewäin offréiert huet. En häerzleche Merci geet un Scoute vu Gaasperech, déi sech ëm de Service gekëmmert hunn souwéi un all déi Veräiner déi un deem Dag participéiert hunn.

Mir waren an der Preparatiounsversammlung vum Chrëschtmaart esou wéi an där wou de Bilan gemaach ginn ass. Mir hunn um Chrëschtmaart de 13. Dezember matgemaach a konnten duerch den Verkaf vun Tombolasbilljets'en eng confortabel Somme erabréngen. Den Erléis vum Chrëschtmaart 2014 geet un de Centre d'Intégration Scolaire an un d'asbl Make-A-Wish Luxembourg.

Mir hunn wéi an de virege Joeren de Kalenner vun de Manifestatiounen opgestallt. En décke Merci geet un d'Mme Fritz vun den Oeuvres, d'Hären Nico Reuland vun de Chantres de Ste-Thérèse, Charel Bechet vun de Scouten an de Pol Silvestri mat der Equipe vum Dëschtennis, déi de Membere vum Interesseveräi gehollef hunn dëse Kalenner am Quartier auszedroen.

Mir hunn och 2014 e Flyer gemaach, wou d'Veräiner sech konnte virstellen, leider huet et zimlech laang gedauert bis dat mir Donnée kritt hunn an duerfir de Flyer 6 Méint Verspéidung hat. D'Frais'en vun deem Flyer huet den Interesseveräin eleng gedroen.

Mir haten den 18. Januar d'Makadammen mat hirem Programm "Wiesselhoer" invitéiert. Et ass vill gelaacht ginn an et war e volle Succès.

Mir haten de 16. November e Concert mat der Douane's Musek ënnert der Leedung vum Ernie Hammes, an de Benefice vun dësem Concert geet un d'asbl Natur & Ëmwelt. De Sall war voll an ech menge behaapten ze kënnen dat déi déi dobäi waren zefridden a gutt gelaunt heem gaange sinn. D'Museker an d'Sänger vun der Douane's Musek hun eis e super Concert gebueden. Den 11. Mäerz kënne mir am Haus vun der Natur op der Kockelscheier en Don vun 1.300 € un d'asbl Natur & Ëmwelt iwwerreechen.

En häerzleche Merci vun hei aus dem Liliane an dem Nico Valentiny vun der Firma Joleka aus der Gaasperecherstrooss, der Firma Breger aus der Industriezone, der Tankstell Q8 op der Escherstrooss, der Daachdeckerfirma Jean Goerens aus der Gaasperecherstrooss,

der Firma Buropolis Linster an de Caves Desom vu Réimech, déi eis finanziell a materiell ënnert d'Äerm gegraff hunn.

E grousse Merci awer och un d'Leit aus dem Comité souwéi un déi, déi eis ëmmer eng Hand mat upaken, Merci René, Hilde, d'Helène an d'ganz Equipe, déi bei eise verschiddenen Organisatiounen am Service gehollef hunn.

Den 28. Februar steet hei am Home de Cabaret "Batter Séiss" op der Bühn wann der nach net reservéiert hutt kënnt dir dat hei maachen, den Entrée ass 12.- € a vun 19.00 Auer un ass d'Oweskeess op. De Regisseur vu Batter Séiss ass och keen onbekannten, et ass de Robert Wagner, fréieren Awunner vun Zéisseng deen och bei den Zéissenger Theaterfrënn matgespillt huet. An hei zu Gaasperech stoung en virun e puer Joer mat senger Famill a mat de Schanzer Cabarotiker mat ob der Bühn. An dat ass da schonn den Iwwergang op eis Soirée am November an zwar de 14. November do kommen dann d'Schanzer Cabarotiker a mat deenen hu mir schonn oft gutt gelaacht.

Dann organiséiere mir den 18. Oktober am Nomëtteg e Benefissconcert mat der Militärmusek an der Kierch.

Wéinst de villen Abréch hei am Quartier hate mir bei der Police gefrot fir speziell déi Deeg verstäerkte Kontrollen ze maachen.

Dann zum Detail vun eise Korrespondenzen a Suivi'en an de verschiddenen Dossiere'en:

Den Immeuble, 111, Gaasperecherstrooss – 169, Escherstrooss

De Bagger ass prett de Projet gesäit e ronnen Eck fir mat 7 Niveau'en an zur Säit vun der Gaasperecherstrooss solle 5 Stäck kommen. Et sinn am ganzen ongeféier 22.000 m2 an ongeféier 100 Parkplazen.

Den Immeuble 193, route d'Esch / Eck Pensisstrooss

Nodeem dat mir e puermol reklaméiert hunn, hate mir vun der Gemeng matgedeelt kritt, datt eng Ofrapgenehmegung ënnerschriwwe wär, d'Gebai ass ofgerappt ginn an et leit en Accord de principe fir en immeuble à destination mixte vir. Et ass e rez-de-chaussée a 4 Stéck plus 1 Retrait virgesin op enger Längt vu 16 m, wat iwwer 16 m erausgeet ginn 2 Stéck manner gebaut. Am Moment sinn am Rez-de-chaussée Kommerze virgesin an um 1. Stack deelweis Büroen. Entrée/Sortie vun de 26 ënnerierdeschen Emplacementer sinn an der rue Pensis.

Dann nach weider Projets'en an der Escherstrooss

Nos 6 et 7-9, rue d'Ethe : (Giorgetti) sinn Autorisatiounen eraus fir 2 Wunngebaier

141-145, route d'Esch : ass en Accord de principe eraus fir en administrativ Gebai

155, route d'Esch : ass d'Autorisatioun eraus fir en immeuble à usage mixte

198-204, route d'Esch : ass en Accord de principe eraus

243, route d'Esch : sinn Diskussiounen am gaangen

262-270, route d'Esch : (Giorgetti) ass eng Autorisatioun fir en Gebai mat verschidden Destinatiounen eraus (also Commerce, Bureau'en a Wunnengen)

A long terme soll d'Escherstrooss vum ale Foyer aus bis bei Letzebuerger Wort e Gabarit hunn vun 23,5 m.

Servitude d'interdiction de bâtir op verschidden Deeler vum Quartier

Mir hate jo un d'Gemeng geschriwwen dat ët sech hei ëm een Ensembel vun Aarbechterhaiser aus den 20er resp. 30er Joeren handelt. Doropshin huet d'Gemeng fir ee Joer eng Servitude d'interdiction de bâtir drop gesat an déi ass dunn vun de Gemengenautoritéiten ëm e Joer verlängert ginn. Et ass och den 1. Projet gewiescht vun den Habitations à bon marché an esou gehéiert en zu engem exzeptionellen architektonesche Patrimoine. An dem Gemengerot vum 26. Januar dëst Joer sinn dunn parties graphique an écrite vum PAG ofgeännert gi fir verschidden Deeler vun der Stad an ënnerenanerem dann och vu Gaasperech, déi betreffend Stroossen oder Deeler vun deene Stroossen sin elo en "ensemble sensible" ginn, d.h. dat een do net einfach kann egal wat fir Aarbechte maachen. Den Avis war de 6. Februar an den Zeitungen an dir kënnt den 12. Februar um 19.00 Auer an eng Informatiounsversammlung am Tramsschapp an der rue Ermesinde goe wou dir iech da kënnt am Detail renseignéieren. Et handelt sech ëm d'Stroosse Briand, Clemenceau, Colomb, Franklin, Gasperich, Gluck, Mozart, Gutenberg, Liszt, Millewee a Richard Wagner. Et muss een awer elo nach oppasse wat 2015 bei der Refonte vum PAG geschitt.

De Projet rue Richard Wagner, rue Mozart an d''Verlängerung vun der Hogenbergstrooss

An der Réunioun vum 12. September beim Schäfferot krute mir e Plang presentéiert wou e Projet vun engem PAP tëschent der Richard Wagnerstrooss an der Mozartstrooss. Et sinn ongeféier 380 Haiser virgesin, deelweis Familljenhaiser awer och Residencen. Et ass awer am Moment nach keen definitive PAP. Mir waren erschreckt wéi mir gesinn hunn dat d'Hogenbergstrooss déi jo sollt ronderëm de Quartier weidergefeiert ginn a wougéint mir scho massiv reklaméiert haten all déi lescht Joren, elo an d'Richard Wagnerstrooss ugebonne gëtt an datt de Verkéier sech do soll am Quartier verdeelen. Mir hunn eis direkt gewiert a waren duerno nach eng Kéier an der Gemeng a kruten eng nei Versioun virgeluecht an zwar, d'Hogenbergstrooss geet nach ëmmer an d'Wagnerstrooss era mee géif da bei dem leschten Haus riichterop op d'Mozartstrooss goen, mir froen eis wat dat soll : de ganze Verkéier kéint jo dann aus der zone **industrielle**, vun Zéisseng, Leideleng duerch de Schläichwee eran, ass et dann net esou dat de plan sectoriel **zone** d'activité eng **zone** tampon vun 300 Meter virgesin huet, och wann déi Pläng elo op Äis leien, **d'Industriezone** ass scho souwisou eng Fehlplanung gewiescht a vill ze no beim Quartier muss dann elo de Verkéier och nach do erangekéiert gin. Mir sinn der Meenung dat d'Hogenbergstrooss net däerf an de Quartier weidergefouert ginn, d'Bewunner déi an dat neit Lotissement komme brénge jo nëmme Lokalverkéier mat sech, mee et ass ganz sécher dat den Transitverkéier aus dem Quartier eraus muss.

D'Gebäi vun der Sécherheetsfirma 14, rue du Père Raphaël

Mir hate bei der Gemeng intervenéiert fir ze froe wat mat dem Gebai géif geschéien, mir kruten dunn d'Informatioun dat d'Gebai géif ofgerappt ginn an nei opgebaut ginn. Mir sinn der Meenung dat no deenen Incident'en déi do geschitt sinn esou eng Sécherheetsfirma näischt sou no bei engem Wunnquartier ze sichen huet.

Dann zum Ban de Gasperich

D'Gemeng huet verschidden Terrain'en op der Cloche d'Or an op der Kockelscheier echangéiert déi fir de Foussballstadion, en P & R an den Tram reservéiert sinn. Nom Minister Bausch soll de P & R fir 2017 fäerdeg sinn. Weider Terrain'en si laanscht Raiffeisenstrooss echangéiert gi fir den neie bd Raiffeisen ze amenagéieren. Den Timing geäit esou aus : Ufank Februar 2015 de Lous 1 Escherstrooss/Gamm Vert den Uschloss un N4; Lous 2 : Enn 2015 d'Verbindung vum vum Rond Point Gluck aus op de bd Raiffeisen; Lous 3 de Raccord vum Ban de Gasperich op d'Kockelscheier.

Mir hu gefrot dat déi nei Strooss vun der Plantinstrooss op de bd **Raiffeisen** soll sou séier wéi méiglech realiséiert gi fir de Quartier ze entlaaschten. Leider ass sinn den Ament réischt fir 2017 virgesin.

De Rond-point Gluck soll eng Kräizung déi mat Luuchte geréiert gëtt ginn an déi jëtzeg A3 beim Rond-point soll en bd urbain ginn.

Dann zu de Projete'en am Ban de Gasperich : et ass en Accord de principe ënnerschriwwe gi fir en administrativt Gebai de Lous B1 dee fir Deloitte reservéiert ass an déi e Bail vu 15 Joer hunn. D'Finitioun wär am September 2018, et ass e Gebai mat 17 Stéck an 2 Gebaier mat 6 Stéck am ganzen 29.250 m2, an éischter Phase 277 Parkplaze wou et awer technesch méiglech ass 450 Plazen ze amenagéieren. Déi 3 Louse stellen am ganzen 92.763 m2 duer. D'Lousen ABC kruten hiren Accord de principe verlängert, insgesamt 14 Stéck.

Wat elo de Chantier vum Auchan ugeet jo do gëtt nach näischt neies, nach ëmmer keng Baugenehmegung, nëmmen en Accord de principe deen e puermol verlängert ginn ass an e Bréif vum Buergermeeschter fir Terrassementsaarbechten ze maachen an op den definitive Projet waarden se op der Gemeng nach ëmmer, sou einfach ass dat, mir krute vun der Mme Beissel gesot de Bréif fir Terrassementsaarbechte wär gemaach gi fir d'Aarbechten net ze verzögere well jo d'Handelsermächtegung nëmmen eng beschränkt Dauer hätt.

D'Gebai vu Price Water House mat 41.000 m2 a wou hir Universitéit installéiert ass ass fäerdeg. Nieft dem neie Gebai ass en zousätzleche Parking fir 221 Autoen installéiert, dëse Parking soll awer nëmme provisoresch si bis dass den Tram rullt duerno gëtt en an e Bauterrain ëmgewandelt. Wat do drop soll kommen ass nach net definéiert.

Dann ass d'Baugenehmegung eraus fir d'école française: den enseignement primaire a secondaire, de Lycée gëtt zur Säit vum bd de Kockelscheuer gebaut, Primärschoul zur Säit vum neie bd urbain, ët gëtt e Schoulkomplex mat ongeféier 1700 Schüler an 160 Leit Personal deen awer nach méi Potential huet.

No dem Tram op der rouder Bréck iwwert de Lampertsbierg soll dann 2019 den Tracé vun der Gare op Bouneweg kommen, 2020 dann op d'Cloche d'Or, wéi scho gesot soll e P & R gebaut ginn, 2016 den 1. Quai op der Gare Houwald; 2020/21 den 2. Quai op der Gare Howald mat der Traversee vum Tram an eng Tramsstatioun.

Mir sin nach informéiert ginn dat de Pont Büchler an d'rue des Scillas um Houwald méi breet gemaach solle ginn.

Mir hunn op alle Fall dem Minister an **den** Gemengenautoritéite gesot dat onbedéngt misst eppes ënnerholl gi fir déi gewalteg Geräischkuliss déi vum Ban de Gasper kënnt ze bremsen an och fir eppes ze ënnerhuele fir den Nuisancen déi vum Feinstaub kommen entgéint ze wierken.

Déi verschidden Autorisatioune kënnt dir wann dir interesséiert sidd op d'Gemeng op der Rocade op den 3. Stack kucke goe mëttes vu 14-17.00 Auer.

De neie Park

Soll dem Schäfferot presentéiert gi mee dat zielen ech iech elo schonn am 3. Joer. Elo gëtt en neien Avant-projet ausgeschafft an et ass am Summer eng hydrologesch Etude gemaach gi fir ze kucken op een och kann do schwamme goen. D'Drosbech soll renaturéiert ginn a soll en Deel vum Park si genau sou wéi d'Velos'wéier, d'Fuesgängerwéier an en Terrain multisport. Vun eiser Säit hu mir gefrot fir d'asbl natur & ëmwelt mat anzebannen an dat mir e Bongert an de Park wëllen. D'Gemeng huet dunn nach gemengt si missten den Hondssportsterrain hunn wou mir awer gesot hunn dat mir kee Problem domat hätten dat deen do bleift wou en ass an dat et fir Gaasperech en

Attrait ass, well den Hondsclub ass e Veräin deen immens gutt schafft, kann ee soen dat iwwer 100 Muppe Sonndes do um Terrain sinn.

Déierenasyl

Mir hate jo reklaméiert dat den Hiwwel an d'Beem beim Déierenasyl fort sinn an dat een d'Muppegebills besser héiert. Mir si vum zoustännegem Service informéiert ginn dat den Talus an eng Mauer sollen amenagéiert gi wann de Park realiséiert gëtt an dat en gréngen Ecran laanscht Bach soll ugeluecht ginn.

De Réaménagement vun der rue Clemenceau, den Eck Franklin, Mozart- an Gluckstrooss

Jo do sinn d'Aarbechte gutt virugaangen, wann et och net ëmmer einfach fir d'Awunner war mee si solle jo Enn Fréijoer fäerdeg sinn, mol kucken.

Spillplazen an ëffentlech Plazen

D'Spillplaz am Englesche Gaart ass am August ageweit ginn, eng richteg flott attraktiv Spillplaz déi d'Kanner vun Gaasperech, aus de Crèchen an aus der Stad ulackelt. Wat eis gefreet huet war dat op der Aweiung Mme Buergermeeschter versprach huet dat d'Muppentoilette op der Plaz vun der Butzenspillplaz fallen gelooss gi wär. An dat schéngt jo dann och esou ze sinn well virun kuerzem sinn Schaukelen fir déi Kléng geliwwert ginn.

Mir hun bei der Gemeng intervenéiert well jo anscheinend eng Propose fir an der Déportatiounsstrooss en Muppetoilette ze installéieren fir d'Gemeng net machbar wär, si sollen an der Géigend vum Déierenasyl esou en Enclos virgesin.

Wat Place Sauerwiss ugeet wëssen mir nach ëmmer näischt, de Projet ass op engem Anniversaire virgestallt ginn mee den IVG ass nach net kontaktéiert ginn.

Mir hunn gefrot dat méi Bänken sollen am Quartier installéiert ginn. Fir eeler Leit déi spadséieren wëlle goen sinn d'Weeër oft wäit.

D'Sécuritéit a Propretéit

Mir hunn den 10. Dezember um Comité de prévention élargi vun der Gemeng deelgeholl wou et e.a. ëm d'Sécherheet am Garer Quartier an ëm déi d'lokal an national Situatioun vun den Abréch gaangen ass.

Mir hu misse feststellen, dat et duerch ganzt Land ëmmer méi zouhëlt mat den Abréch a mir sinn der Meenung dat Policekontrollen absolut musse verstäerkt ginn. De Commissaire ass bei eis an hien huet mir verséchert dat d'Situatioun sech liicht berouegt huet vis-à-vis ewéi dat e gewësse Moment war an dat wëll vill Patrulle gemaach ginn, mee de Problem ass nach ëmmer net geléist.

Mir krute vun der Gemeng den Opruff fir un der Fréijoersbotz deelzehuelen, dat hu mir un d'lokal Veraïner viruginn an hunn der Gemeng verschidde Plaze matgedeelt wou muss gebotzt ginn, wéi z.B. vum Rond-point erop laanscht Gluckstrooss an nieft dem Chalet an der Hogenbergstrooss.

Mir hunn de Minister Bausch drop ugeschwat dat d'Gemengenautoritéiten eis ëmmer soen dat mir an der Gaasperecherstrooss keng Zone 30 kënnte kréie wëll d'Servicer vum Transports dat géifen ofleenen, hien huet eis gesot mir sollen de Gemengeservicer matdeelen dat den Transport seng Usiichte geännert huet an dat se sollen en neie Projet eraschécken deen dann och géif ugeholl ginn. Bei engem Comptage ass erauskomm dat zwësche 6.00 Mueres an 10.00 Auer Owes 2.449 Autoen duerch Gaasperecherstrooss fueren.

Mir hate jo gefrot fir d'Zebrasträife besser ze beliichten. Do krute mir gesot datt Quartiere'en vun der Stad géifen no an no besser securiséiert ginn. Bis haut ass nach näischt geschitt. Och déi Etude fir d'Gluckstrooss ze berouegen a wou mir 2012 am Februar gesot krute Servicer géifen eng Evaluatioun vun der Etude maachen hu mir bis haut nach näischt héieren.

Dann nach zur Fixerstuff : Duerch e Jugement vum 13. November 2014 huet den Tribunal administrativ Décisioune vun der Gemeng deelweis annuléiert an zwar genau deen Deel wou mir och reklaméiert hate beim Inneminister, nämlech géint Partie écrite vum PAG : et ass esou dat Gemeng an der Partie écrite vum PAG net präziséiert huet wat genau an déi Gebaier déi op deene reklasséierten Terrain'en gebaut solle ginn, dra komme soll.

De 14. November 2014 dunn huet den Här Rod, e Responsabele vun der Fixerstuff um 100,7 gesot datt déi jëtzeg Fixerstuff besser wär wéi de neie geplangte Projet.

Mir hunn och gefrot fir d'Beliichtung a verschiddenen Deeler vum Quartier verbessert ze kréien.

Sou, dat war de Rapport vun 2014 wann der nach Froen hutt fäert net

Ech soen Iech Merci fir är Opmierksamkeet.

Jacquie Lakaff